

Rapport Referees Commission 23. Januar 2018

Uwiesend: Ney, Geib, Weinzierl, Schmitt, Frieseisen, Pascalicchio, Keiffer, Simonelli, Nesser, Weber

Entschellegt: /

1. Adoptioun vum Rapport vum 19.12.2017

De Rapport ass approvéiert. *(Le rapport est approuvé)*

2. Affaire Red Boys

D'Ofmeldung vum Handball Red Boys fir eng Aussprooch ass mat bedauere festgehale ginn. D'Vertrieder vum Handball Red Boys sollen der REFCOM 2 Datumer virum 15. Februar proposéieren fir eng Entrevue. De Maik Handschke huet sech als Vermëttler proposéiert. D'REFCOM wënscht sech eestëmmeg eng Deseskalatioun vun der Situatioun. *(La REFCOM regrette l'absence du Handball Red Boys lequel est tenu de proposer deux nouvelles dates de préférence avant le 15 février pour une entrevue. La REFCOM souhaite à l'unanimité d'arriver à une désescalade de la situation. Maik Handschke se propose comme conciliateur.)*

D'REFCOM mécht drop opmierksam, dass am Titelplay-off méi streng opgepasst gëtt, wat um, a virun allem wat nieft den Terrainen **an sämtlechen Halen** geschitt. Verbal Attacken déi iwwer e normalen Emotionsausbroch erausginn, sief et vu Presseleit, Fotografen oder Veräinsoffiziellen ginn net méi akzeptéiert. *(La REFCOM tient à préciser que lors du Play-off les comportements sur et surtout à côté **des terrains** seront regardés de plus près. Toute attaque verbale de la part des représentants des clubs, de la presse ou bien des photographes est inacceptable)*

3. Videoanalys an 1. Hëllefscours 20./21. Januar

Zwou ganz flott Formatiounen sinn den Arbitter de Weekend vum 20./21. Januar proposéiert ginn. Samschdes moies war et eng Seance mat Videoanalysen, virgestallt e.a. vun eiser EHF Koppel Philippe Linster an Alain Rauchs. A Sonndes moies war et en 1. Hëllefscours, deen vum Här Jean-Marie Hermes presentéiert gouf. Alles an allem waren déi 2 Deeg iwwer 30 Arbitter bedeelegt. *(Deux formations ont été proposées aux arbitres le weekend du 20/21 février. Le 20, une séance d'analyse vidéo a été tenue par notre tandem EHF Ms. Philippe Linster et Alain Rauchs. Le 21 un cours de premier secours a été présenté par M. Jean-Marie Hermes. En tout plus de 30 arbitres étaient présents pendant ces 2 journées)*

4. Equipement Spiller am Play-off

Alles an allem kann ee ganz zefridde sinn, ewéi d'Veräiner sech mëttlerweil un dat Reglement halen. D'Refcom schléit dann och fir et dobäi ze beloossen, dass Thermoshirt an Thermosboxen déi gutt siichtbar sinn, an der Faarf vum Trikot bzw. Box musse sinn. Et gëtt empfuehen, déi selwecht Strëmp fir all Spiller ze hunn. (schoun aus optesche Grënn). International sinn se och mëttlerweil vill méi streng ginn, a

besonnesch déi Equippen déi Europapokal spillen, mussen oppassen! *(La REFCOM se montre satisfaite du respect du règlement en question et propose de maintenir l'idée de respecter les couleurs des thermoshirts/-shorts bien visibles par rapports aux couleurs des tricots et shorts. D'ailleurs, il est préférable que les joueurs aient les mêmes chaussettes. Au niveau international, surtout en coupe d'Europe, une attention accrue y est accordée)*

5. Zesummenaarbecht mat aaneren Federatiounen

De Patrick Simonelli huet den Wiener Handballverband an de belsche Verband kontaktéiert. Mat eisen Éisträichesche Frënn ass en Austausch ofgeschwat. Mir waarden op eng definitiv Äntwert aus der Belsch déi sech dës Woch beroden. De Francis Keiffer seet, dass den Interreg och an déi Richtung well goen, an esou en Austausch an Zukunft soll ënnerstëtzen. Datt wäert awer nach 1 bis 2 Joer daueren. *(M. Patrick Simonelli a convenu d'un échange avec le Wiener Handballverband et une réponse similaire de la fédération belge est attendue. L'Interreg entame la direction de soutenir ce genre d'échange dans le futur)*

6. "Shake-hands" e Geste vu FAIRPLAY

D'REFCOM proposéiert alle Veräiner an hiren Trainer, dass, besonnesch an de Jugendkategorien, d'Spiller vun deenen zwou Equippen an d'Arbitter sech virun a no engem Match all sollen an der Mëtt opstellen an sech d'Hand ginn. Dëst ass e Geste vu Fairness a Respekt a gëtt a ville Länner an op internationale Meeschterschafte praktizéiert. *(La REFCOM propose aux clubs qu'avant et après les rencontres surtout des catégories jeunes, les joueurs et les arbitres s'alignent au milieu du terrain et se serrent les mains. Ce geste de fair-play et de respect est pratiqué dans des nombreux pays et au niveau international)*

7. EHF-Beobachter Final 4

Den Helmut Wille, e.a. EHF Delegéierte bei der EM a Kroatien, huet confirméiert an den Hotel ass reservéiert. Hien beschäftegt sech e.a. mat den Arbitter vun den Halleffinalen a Finalen, mécht Beobachtungen, gëtt en Arbittercours an en Delegéiertecours. D'REFCOM proposéiert alle Veräiner, sech emol esou eng Formatioun unzekucken. Déi fanne Freides owes den 20.4 an Samschdes moies den 21.4 an der Coque statt. Interessente kennen sech ganz gär bei arbitre@flh.lu mellen. *(M. Helmut Willie, entre autres délégué EHF au Championnat d'Europe en Croatie, a confirmé sa présence au Final4. Il observera les arbitres des semi finales et finales du Final4 et dispensera des formations d'arbitre et de délégué qui auront lieu vendredi 20 avril en soirée respectivement samedi 21 avril le matin. Tout intéressé des clubs peut s'adresser à arbitre(at)flh.lu)*

8. Delegéierte Cours 2018

De Paul Nesser proposéiert och dëst Joer e Cours ofzehalen. Interessente müssen net Arbitter gewiescht sinn, einfach Handballkenntnisser ginn duer. Et feelen der FLH momentan mindestens 4 Delegéiert fir all d'Matcher ze besetzen! Virgesi sinn 2 Seancen no Oofspoch mat den Interessenten. *(Vu le manque de délégués, M. Paul*

Nesser propose de donner un cours de délégué en deux séances en concertation avec les intéressés. Des connaissances basiques du Handball suffiront. Il y aura 2 séances de 1,5h.)

Nächst Versammlung: Dënschdeg den 06. März um 18:15

Prochaine réunion : Mardi, 6 mars é 18:15